PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 09/12/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Rezent hu sech Stëmmen zu Wuert gemellt, déi bemängelen, dass et am Centre Hospitalier du Nord zu Ettelbréck e Problem géif gi bei der Prise en charge vu Patienten, déi opgrond vu Verletzungen oder Krankheeten an d'Spidol mussen an *net* um Covid-19 leiden.

Aus sanitäre Grënn musse Patienten, déi um Covid-19 leiden, wann se am Spidol ukommen, un enger anerer Entrée empfaange gi, wéi Patiente mat anere gesondheetleche Problemer. Vill Spideeler am Land, an dorënner och de Centre Hospitalier du Nord zu Ettelbréck, hunn awer nëmmen eng richteg Ambulanz-Zoufaart. Esou ergëtt sech de Problem, dass déi eng Patiente regulär iwwert de Wee vun enger Ambulanz-Garage kennen am Spidol opgeholl ginn, wärend fir déi aner eng alternativ Entrée muss genotzt ginn, déi leider oft méi schlecht accessibel fir d'Ambulanzen an/oder net iwwerdaacht ass.

An de vergaangene Méint gouf am Centre Hospitalier du Nord zu Ettelbréck probéiert, dëse Problem duerch eng Zeltanlag ze léisen, mee säit kuerzen, sinn och dës Zelter net méi do. Esou kenne Patienten, déi net um Covid-19 leiden, aktuell zu Ettelbréck vun der Ambulanz just nach bis virun d'Spidol gefouert ginn a mussen dann awer nach ënner fräiem Himmel e Stéck ze Fouss bis an d'Spidol tëppelen, oder mat engem Rollstull oder Brancard gefouert ginn. Jenodeem a wéi engem Zoustand sech e Patient befënnt a wéi d'Wierder ass, kann dësen zousätzleche Wee duerch dat kaalt an naasst Wierder, eng erhieflech Belaaschtung duerstellen.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass der Ministesch den duergestallte Problem bekannt?
2. Ginn et nach aner Spideeler am Land an deenen et Problemer gëtt, well net genuch iwwerdaachten Zoufaarte fir Ambulanzen existéieren?
3. Wäert d'Ministesch sech mat de betraffene Spideeler a Kontakt setzen, fir eng Léisung auszeschaffen, déi weder Patienten, déi um Covid-19 erkrankt sinn, nach Mënschen,

déi aus anere Grënn an d'Spidol mussen, benodeelegt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député